LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Service information et presse

| De Briefing vum Premierminister Xavier Bettel iwwer d'Aarbechte vum Regierungsrot | | |
|---|---|---|
| **Date : 12.09.2014** | **Heure : 14h00** | **Durée : 9 ½ min** |

**Briefing vum Premierminister Xavier Bettel:**

Voilà, gudde Mëtteg. Ech soen Iech Merci datt Dir de Mëtteg op de Briefing komm sidd, respektiv fir d'Leit déi eis nokucken, d'Pressekonferenz iwwer eise Livestream och suivéieren.

Ech fänken u mat Präzisiounen iwwer den Ordre du jour, dee mir haut haten. Eng Remarque schécken ech awer viraus. Dir wësst datt de Finanzminister amgaangen ass sech mat deenen eenzelen Ministèren a Responsable vun den Administratiounen ze gesinn en vue vum Budget. De Budget 2015 ass amgaange finaliséiert ze ginn, an och nach am Regierungsrot haut, esou wéi an den nächste Woche wäerten an deem Kontext nach weider Gespréicher stattfannen. D'Resultater vun deene Gespréicher wäerten dann och am Oktober virgestallt ginn.

Mir haten och an deem Kontext haut méi e längert Gespréich mam Gouverneur vun der Banque Centrale, mam Gaston Reinesch, och iwwer déi Mesuren, déi vun der Banque Centrale Européenne geholl gi sinn, an och d'Perspektiven an der Eurozon.

Et waren och eng Rëtsch aner Punkten um Ordre du jour. Mir hunn e Point gemaach vun der nationaler, an och iwwer déi international Aktualitéit.

Zur nationaler Aktualitéit wëll ech direkt e puer Punkten ënnersträichen. Dat éischt ass, datt d'Regierung, esou wéi ech et och scho gëschter gesot hunn, a Gespréicher ass mat de Reliounsgemeinschaften, mat de konventionéierten an och mat den net-konventionéierten. Mir hunn do Diskussiounen iwwer déi verschidde Méiglechkeeten, iwwer d'Modalitéiten an iwwer d'Faisabilitéite vum Finanzement diskutéiert. Dat ass e Prozess, deen och amgaangen ass. An dat ass och dat wat de Vize-Premier gëschter gesot huet. Décidéiert an deem Kontext ass guer näischt. Dat heescht, wann ech héieren, mir wiere virun engem Fait accompli, ass dat net richteg.

En anere Punkt aus der Aktualitéit vun de leschten Deeg ass och deen, deen och schonn an de leschte Méint ëmmer thematiséiert ginn ass. Dat ass deen, an ech ginn net midd ze widderhuelen, d'Regierung schafft dru fir d'Staatsfinanzen an den Équiliber ze bréngen, an dat fir d'Zukunft och vun eisem Land ze garantéieren. Dat ass nach amgaangen, a sou wéi

ech och scho virdru gesot hunn, wäert am Oktober och déi Informatioune matgedeelt ginn.

Ech ginn, mir ginn bal all Dag iwwer de Wee vu Questions parlementaires interrogéiert. Ech wëll just soen, datt et net raisonnabel wier iwwer Mesuren ze schwätzen, déi nach net sprochräif sinn. An dat wäert dann och op deene Questions parlementaires d'Äntwert sinn.

Iwwer déi international Aktualitéit muss Dir wëssen, datt d'Situatioun an der Ukrain selbstverständlech eis nach ëmmer préoccupéiert. Ech hat déi lescht Deeg ganz vill Gespréicher mat mengen Homologuen aus de 27 anere Länner, och mam President vum Conseil. Mir ginn a Richtung Désescalatioun, hu mir déi lescht Deeg op jiddwer Fall matkritt. D'Situatioun ass awer nach net stabil, an et gëtt nach ëmmer kee Motiv fir ze soen, datt alles eriwwer ass, an erliichtert kënnen ze sinn.

D'Sanktiounen triede jo haut a Kraaft, wéi Dir wësst, a mat enger ganz wichteger Optioun, déi fir eis primordial war, dat ass datt se amendéiert kënne ginn, si kënne suspendéiert ginn, a si kënnen och zeréckgezu ginn. Dat ass e wichtege Message. A wann Russland an d'Ukrain och an déi Richtung vum Friddensprozess weiderginn, soll dat och ganz rapid gemaach ginn. An d'Duerchsetze vun deem Friddensplang ass fir eis am Moment dat Allerwichtegst.

Um Ordre du jour vum Regierungsrot stoung och nach e Projet wat en internationale Protokoll ass iwwer den Ausstouss vu Schwéiermetaller an d'Atmosphär. An deem Protokoll geet et drëms Mesuren ze imposéiere fir den Ausstouss vu Bläi, vu Cadmium a Quecksëlwer ze reduzéieren. Dee Protokoll gouf 1998 ënnerschriwwen, an elo sinn Adaptatiounen néideg gewiescht.

Mir hunn och d'gréng Luucht gi fir d'Verlängerung vun enger Missioun am Mali, wou zwee lëtzebuergesch Zaldote sinn. Déi Missioun soll bis Mee 2016 daueren. Déi lëtzebuergesch Zaldote sinn awer net bei Kampfhandlungen dobäi och an deem Land.

Et ass och gréng Luucht komm fir e Projet mat der Ligue HMC, wou och eng Konventioun tëschent der Ligue an dem Staat do ass fir de Bau, respektiv Ëmbauaarbechte vun engem Gebai, wou d'Leit mat mentalem Handicap och kënne wunnen. De Staat bedeelegt sech mat ronn enger Millioun op deem do Projet, an nach eng Kéier ronn mat 100.000 Euro fir d'Équipement.

Dann ass och gréng Luucht komm op enger Demande vun der Banque Centrale fir eng nei Mënz à l'occasion vum 50. Anniversaire vum Trounwiessel vum Grand-Duc Jean. D'Zentralbank wäert fir den 1. Oktober esou eng Mënz erausginn. Wann ech mech net ieren, sinn et 2 Eurostécker.

Dann ass e Projet ugeholl ginn och am Kader vun der Simplification administrative. Dat ass déi vun der Assistance judiciaire. Am Moment wann d'Leit eng Demande vun Assistance judiciaire gemaach hunn, hu se per Recommandé ëmmer d'Äntwert kritt, ob positiv oder negativ. Mir sinn der Meenung datt wann et positiver sinn, een et net per Recommandé

muss schécken. Dat ass wann et e Refus ass, selbstverständlech, ass et wichteg datt d'Leit, datt een de Beweis och huet, datt een et kritt huet, mä bei positiver Äntwert brauch een net per Recommandé dee Bréif ze schécken. Wat eng Simplification administrative mat sech bréngt, mä och virun allem och bei Spuere vu Suen.

Dann ass och nach de wichtege Projet diskutéiert ginn, deen am Sënn vun der Egalitéit tëschent Fraen a Männer. An déi zoustänneg Ministesch, d'Madame Mutsch, wäert deen an den nächsten Deeg op enger Pressekonferenz virstellen.

Da kommen ech awer op eppes zeréck wat scho Sujet déi lescht Woch war vun der Madame Mutsch. Dat war iwwer d'Ebola. Et geet em den Équipement nämlech vum CHL, respektiv de Laboratoire de rétrovirologie vum CRP-Santé niewent dem CHL. Wann e Verdacht nämlech vun Ebola-Erkrankung bei engem Patient zu Lëtzebuerg géif opkommen. D'Regierung huet nämlech de Moien och décidéiert, datt deen Labo sollt déi néideg Équipementer och kréie fir sécherzestellen, datt bei engem Verdacht vun Ebola och den Diagnostic zu Lëtzebuerg kéint gemaach ginn. De Käschtepunkt läit ongeféier bei 100.000 Euro. Mir mengen datt dat wichteg ass, a gerechtfäerdegt ass, an eis och net tributaire vum gudde Wëlle vun den Nopeschlänner huet fir op d'mannst déi éischt Tester kënnen ze maachen.

Ech wëll Iech och matdeelen, datt ech déi iwwernächst, also d'nächst Woch, zur Informatioun, ass den nächste Freideg kee Pressebriefing. Do maache mir de Budget nach weider, mä mir gesinn eis Méindes jo zu Senneng, wéi Dir wësst, oder wéi Dir vläicht nach net wësst, mä mir gesinn eis zu Senneng, an do wäert e Point presse och sinn, wou mir och zesummekomme mat de Fraktiounen, an do ass dono och e Point presse virgesinn.

Déi iwwernächst Woch sinn ech zu New York op der Generalversammlung vun der UNO. Et ass mir wichteg als Regierungschef - eise Staatschef war do fir d'Kandidatur vu Lëtzebuerg ze promouvéiere fir an de Weltsécherheetsrot eranzekommen - an ech mengen datt et och wichteg ass, datt de Regierungschef de Länner Merci seet fir d'Vertraue wat si eis geschenkt hunn am Kader vun där Participatioun als Member vum Conseil de sécurité.

Et ass awer och immens wichteg déi bilateral Gespréicher ze hunn. Ech hunn eng Rëtsch vu bilateral Gespréicher, déi organsiéiert ginn. Ech hu gëschter Owend nach d'Konfirmatioun och kritt fir de Generalsekretär vun der UNO ze begéinen. An dat erlaabt op enger Plaz ganz vill Leit ze gesinn ouni vill mussen ze reesen.

Da wollt ech och nach informéieren. Mir hate jo gesot, datt de Sozialdialog zu Lëtzebuerg sollt jo relancéiert ginn. D'Regierung gesäit d'Sozialpartner den 18. September fir Gespréicher. Um Ordre du jour stinn haaptsächlech d'Kompetitivitéit vum Land, an och zwee Aspekter, déi déi lescht Woche vill diskutéiert goufen. Dat ass d'TVA-Logement, an eng eventuell Kontributioun am Beräich vun der Enfance, vun der Éducatioun an der Betreiung och, wou mir mat hinne wëllen driwwer diskutéieren. Dat sinn déi dräi Punkten, déi mir mat hinne wëllen och abordéieren.

An da selbstverständlech ass dat net de Schluss vun Diskussiounen, déi mir mat de Partner wëllen hunn. Mir sinn eis bewosst, datt de Sozialdialog muss stattfannen, fir datt mir all

zesummen an déi selwecht Richtung zéien. A Chômagebekämpfung, Kompetitivitéit vun eisem Land, an Zesummenaarbecht ass eppes wat mir gemeinsam mussen alleguer deelen.

**Questions & Réponses:**
**Paul Konsbruck:** Voilà, ginn et Froen zu deene Punkte vum Ordre du jour, déi de Premier presentéiert huet?

**Journaliste:** Eng kleng Präzisioun. Ass et dëse Méindeg wou Dir zu Senneng sidd?

**Xavier Bettel:** Neen, dee Méindeg drop.

**Paul Konsbruck:** E Méindeg den 22. September.

**Xavier Bettel:** Den 22. si mir zu Senneng, do ass e Point presse.

**Journalist:** Déi Woch drop sidd Dir zu New York?

**Xavier Bettel:** Déi Woch selwer, déi Woch selwer. Dat heescht, den nächste Freideg, e Freideg den 19, ass kee Pressebriefing, mä den 22. ass dann e Point presse wa mir zu Senneng sinn. An ech fléien den 23. moies direkt fort op New York. Dat heescht, déi Woch sinn ech op jiddwer Fall net do fir *[gëtt ënnerbrach]*

**Paul Konsbruck:** Et ass kee Pressebriefing mam Premier, well deen ass zu New York. Et ass awer net ausgeschloss, datt en anere Pressebriefing ass. Ech wier frou wann Dir géift de Mikro huele wa Froe sinn. De Romain Hilgert vum *Land* hätt eng Fro.

**Romain Hilgert:** Ech hu kee Mikro, ech stellen d'Fro awer. Bei där *[ondäitlech]* mat de Sozialpartner, geet do och Rieds iwwer d'Budgetssanéierungsmoossnamen? Kënnt dat nach eng Kéier virum Dépôt vum Budget, oder eng aner Kéier?

**Xavier Bettel:** Also ech mengen, d'Regierung muss och hir Verantwortung iwwerhuelen. Mir sinn der Meenung, datt et wichteg ass mat de Sozialpartner ze diskutéieren. An déi Punkte Kompetitivitéit, Dir gesitt jo, datt um Niveau vum Aarbechtsmaart a vum Chômage vill Froe sech stellen. Do soll een zesumme kucken.

A wéi gesot, déi Punkte vun der TVA, an déi Punkten och vun där Kontributioun, wou déi lescht Deeg vill geschwat ginn ass, an och justement vun de Gewerkschaften, ass fir eis immens wichteg mat hinnen zesummenzekomme fir justement ze wëssen, wou de Problem ass, wou si Problemer gesinn. Mä mir kënnen net iwwer all Punkt, do sinn och Punkte wou d'Regierung hir Verantwortung ze huelen huet.

Mä wéi gesot, et ass wichteg fir déi Remarquen, deen Échange constructif kënnen ze hunn, well ech ka mir ganz gutt virstellen, datt Propositioune vu Gewerkschafts- oder vu Patronatssäit kommen, déi een och nach kann an déi eng oder déi aner Mesure afléisse loossen.

**Paul Konsbruck:** Weider Froen? Carole Schimmer vum Radio 100,7.

**Carole Schimmer:** Den Nicolas Schmit hat, wéi et schéngt, e Rapport kritt vun der ITM iwwer deen Employé dee bei der Chamber of Commerce do de Patrone recommandéiert hat, wéini een eigentlech Leit kéint erausgeheien. Ass doriwwer geschwat ginn?

**Xavier Bettel:** Neen.

**Paul Konsbruck:** Claude Molinaro vum *Tageblatt*.

**Claude Molinaro:** Ech mengen haut oder gëschter ass an Däitschland den Terrorgrupp ISIS verbuede ginn. Sinn do och Iwwerleeungen hei zu Lëtzebuerg op deem Punkt?

**Xavier Bettel:** Am Moment muss ech Iech éierlech gesot soen, datt et e Sujet ass deen den nationale Kader total sprengt, total sprengt. Ech mengen et ass kee Geheimnis, et ass jo och ëffentlech, datt mir och vu Lëtzebuerg aus Leit hunn déi fortgaange si fir op Säite vu verschidde Gruppen aktiv ze ginn.

Zu Lëtzebuerg gesäit d'Gesetzgebung net vill vir a mengen Aen. "Participer à une organisation terroriste", ass ee vun de Faiten, menger Meenung no, déi géingen dorënner falen. Mä wéi kënnt Dir schonn am Viraus, well wat wichteg ass, ass d'Präventioun, dat heescht, datt och vläicht een net fort geet.

Fir elo déi ISIS-Grupp, wa se als Terroristegrupp virgesi sinn, ass et wichteg, datt do och um europäeschen Niveau Initiative geholl gi fir, wa Konte wieren, wann iergend eppes wier, fir *Travelbans*, fir *freezing* vu Konten ze maachen. Dat ass dat wat ganz, ganz wichteg ass.

Mir haten haut, den Här Asselborn war leider net do, well hien am Ausland ass, hu mir eis wierklech do elo op d'Ukraine limitéiert.

Ech kann Iech awer just soen, ech soen elo keen Numm, mä et si verschidde Chefs d'États an de Gouvernement, déi gemengt hunn, et soll een de Leit de Pass ewechhuele wa se dohinner ginn, oder wa se zeréckkommen. Ech weess net ob dat verfassungsméisseg richteg ass. Dat heescht, fir elo Spekulatiounen ze maachen iwwer Propositiounen déi ee kéint maachen an deem do Fall, géif ech net agoen.

Wat a mengen Aen immens wichteg ass, an dat ass dee wichtegste Fait, well Dir gesitt jo am Moment, datt d'Amerikaner och am Gaange si jo eng Équipe opzesetze fir justement den Terrorismus do ënnen ze bekämpfen, datt et immens wichteg ass, datt mir do Länner, d'Nopeschlänner hunn.

Dat Schlëmmst wat mir kéinte maachen ass, wann net-musulmanesch Länner géifen deenen anere wëllen erkläre wat richteg oder wat falsch ass. Dat géif d'musulmanesch Truppe stäerken. Déi géife sech als Victimen dohinner stellen.

Et ass wichteg ze weisen, datt et net hei geet, datt een deem aneren eppes wëllt weisen, eppes wëllt bäibréngen, mä hei geet et dorëms Terrorismus ze bekämpfen, an hei geet et

dorëms och Leit ze hunn an deenen Truppen, déi Schiiten, déi Sunnite sinn, an déi och wëssen ëm wat et geet. Eppes anescht wier falsch.

**Claude Molinaro:** An Däitschland si se jo awer och esouwäit, datt se Propaganda fir déi Gruppen, oder Werbung fir déi Gruppe verbidden. Wier dat dann hei erlaabt, oder ass dat verbueden?

**Xavier Bettel:** Also, hei eng Promotioun vun engem Groupe terroriste, ech soen Iech nach eng Kéier, de Code pénal gesäit eng Rëtsch vu Saache vir wann et e Groupe terroriste ass. Ech hu mam Här Braz nach viru Kuerzem driwwer geschwat wéi am Moment drun ass. Ech weess, datt och de Parquet, an de Ministère de la Justice kucke wéi mir hei zu Lëtzebuerg kënnen aktiv ginn, a virun allem wat mir vu Mesurë kënne maachen.

Mä wéi gesot, wann ech muer mat där Fro konfrontéiert wier, ob eng Apologie vun engem Groupe terroriste hei erlaabt wier, géif ech Iech soen, géif ech alles maachen op jiddwer Fall, wann dat de Fall wier, fir datt et net méi de Fall wier, mä ech gleewe kaum, well et ass en Appel à la haine.

**Paul Konsbruck:** Weider Froen? Michèle Sinner vum *Land*.

**Journalist:** Ma Dir hutt Uganks gesot, Dir hätt Iech mam Chef vun der Zentralbank iwwer d'Mesurë vun der EZB ënnerhalen. Kënnt Dir eis vläicht e bësse méi am Detail soe wat Dir geschwat hutt? Hutt Dir driwwer geschwat, wat fir en Impakt dat hei op Lëtzebuerg huet?

**Xavier Bettel:** Mir hu geschwat, wat d'Politik an déi Mesuren och vun der EZB sinn, déi se geholl hunn. Mir hunn awer eis och gëeenegt, datt mir fräi géife schwätzen, an en Échange de vues hätten deen net ëffentlech wier, an datt et fir eis wichteg war ze wëssen, a wéi eng Richtung d'EZB wëll goen.

An ech mengen, de Gouverneur ass net de Conseiller vun der Regierung, en ass indépendant. An ech war ganz frou, datt hie bei eis komm ass, well ech einfach fonnt hunn, nodeems den Här Draghi d'lescht Woch jo och d'Zënsen erofgesat huet, datt mir och ganz déi Philosophie, déi hannendru soll stoen, kënnen erkläert kréien. An ech war frou, datt hie sollt kommen. De Gouverneur huet guer keng Obligatioun fir bei eis ze kommen. An d'Demande ass och, fir datt dat wat mir zesummen diskutéieren, och net op der Place publique debattéiert gëtt.

Dir wësst jo, datt den Här Gouverneur awer ganz bereet ass seng Rapporten a seng Meenung ze soe wann Dir hie frot, mä ech sinn net säi Spriecher.

**Paul Konsbruck:** Weider Froen?

**Monique Kater:** Kater, RTL Télé. Dir sot, den 18. gesitt Dir d'Sozialpartner. D'TVA-Logement ass jo een Thema wou se schonn net frou sinn, Spëtzesteiersaz en anert Thema. Wat erwaart Dir Iech da fir eng Stëmmung do?

**Xavier Bettel:** Also ech weess net, Dir schwätzt vu Spëtzesteiersaz, ech weess net wou dat um Ordre du jour steet.

Fir mech ass et wichteg, datt een erkläert, firwat mir et maachen, a firwat si et net gutt fannen. A wa si et net gutt fannen, wéi si et dann anescht géife maachen. An deen Échange, ech sinn iwwerzeegt, datt aus deem Échange all Partei duerno méi staark erauskënnt.

**Paul Konsbruck:** Carole Schimmer vum 100,7.

**Carole Schimmer:** Ech hunn eng Fro zur TVA-Logement. D'Chambre immobilière seet, datt verschidde Cliente schonn elo kaaft hunn, an déi géifen dann eben d'nächst Joer bauen. Mussen déi déi TVA dann och bezuelen, oder net? Hutt Dir doriwwer diskutéiert? Ass do schonn eppes festgeluecht ginn?

**Xavier Bettel:** Mir hunn doudsécher schonn och doriwwer diskutéiert. An Dir gitt am Oktober méi gewuer.

**Carole Schimmer:** Et ass eben och e Reproche, pardon, fir dat erëm ze huelen, mä e Reproche vun der Chambre immobilière, datt se haut, 3 Méint virum Akraafttriede vun där TVA-Hausse, nach ëmmer net wësse wat se hire Cliente solle soen.

**Xavier Bettel:** Ech kann Iech just soen, datt virun enger laanger Zäit eng Rëtsch Politiker oder Parteie gesot hunn, dee bëllegen Akt misst ofgeschaaft ginn. Dat huet mat sech bruecht, datt den Achat an d'Vente komm sinn, an et ass awer näischt geschitt. Ech maache keng Annoncen, esou laang d'Saachen net decidéiert sinn.

**Carole Schimmer:** Ech hätt nach eng Fro zu engem anere Sujet. Déi Sanktiounen déi haut a Kraaft trieden, wéi en Impakt hunn déi eventuell op Lëtzebuerg an op d'Finanzplaz?

**Xavier Bettel:** Ech soen et nach eng Kéier, ech hunn et och scho virun 2 Méint gesot, virun 1 Mount gesot, virun 2 Wochen an haut, d'Sanktioune ginn net gerechent op wat den Impakt bei deem engen oder bei deem aneren ass. D'Sanktioune sinn en contre-partie fir Fridde probéieren ze kréien, an do rechnen ech net mat enger Épiciersrechnung, wéi vill et mech kascht, wann ech doduerch vläicht Fridde ka kréien.

**Carole Schimmer:** Dat ass net d'Fro. Ech menge jiddweree weess *[gëtt ënnerbrach]*

**Xavier Bettel:** Et war awer meng Äntwert.

**Carole Schimmer:** ... datt et ëm de Fridde geet. Mä et ass jo awer och de Problem vun der Finanzplaz. Huet dat en Impakt, oder net? Ech mengen, dat kënne mir och gewuer ginn.

**Xavier Bettel:** Et huet en Impakt, mä et kann net sinn, ech soen Iech jo, dorunner ass fir eis immens wichteg, datt déi Méiglechkeet fir kënnen zeréckzeschrauwen, fir déi Méiglechkeete kënnen ze amendéieren, déi Méiglechkeete kënnen an déi aner Richtung ze goen, fir eis immens wichteg war. An ech sinn och frou, a gleeft mir et, wann

Deseskalatioun weider an déi do Richtung geet, da sinn ech der Iwwerzeegung, datt dës Sanktiounen net laang halen.

Mä wéi gesot, et huet keen elo den Täscherechner erauszehuele fir ze soen, dat do ass den Impakt deen et riskéiert bei mir ze hunn.

Ech soen et nach eng Kéier, hei geet et dorëms, mir wëlle kee Krich. D'Alternativ zu Sanktiounen ass Krich. Oder mir kucken net no, an et ass Krich. Wann ech de Choix hunn, da musse mir kucken, datt mir Drockméiglechkeeten hunn, fir datt op jiddwer Fall Fridden an där Géigend nees kënnt.

**Paul Konsbruck:** Michèle Sinner vum *Land*?

**Michèle Sinner:** Ma meng Fro géif dodrunner enchaînéieren. Ech hunn awer schonn den Androck, datt op EU-Niveau probéiert ginn ass erauszefanne wat den Impakt vun de Sanktiounen ass.

Meng Fro ass, wësst Dir iwwerhaapt wat den Impakt hei zu Lëtzebuerg ass? Wësst Dir, wéivill Leit, déi op deene Lëschte stinn, Konten hei hunn? A wa jo, wouhier?

**Xavier Bettel:** Also, Gott sei Dank weess ech net wie wéi eng Konten hei zu Lëtzebuerg huet.

**Michèle Sinner:** Maja, dat ass meng Fro.

**Xavier Bettel:** Et wier jo awer schlëmm, wann de Premier informéiert wier, wie wéi eng Konten op wéi enger Bank huet. Ech weess och net, wou Dir Client sidd. Mä Gott sei Dank. Ech mengen, et wier krass, wann de Premier zu Lëtzebuerg d'Informatioun hätt, wie wéi eng Konten hei huet.

Ech sinn iwwerzeegt, datt vläicht déi eng oder déi aner Firma, Dir wësst jo, datt mir och russesch Banken hei hunn, wou da vläicht deen een oder deen anere Client hei Konten hat. Mä datt ech Iech ka soen, wéivill Sue wie wou huet, kann ech Iech net soen.

A wéi gesot, déi Sanktiounen zielen, et sinn d'Kreditter, et si jo och d'Fongen, et sinn och esou Saachen, mä déi ziele jo och vun deem Moment u wou d'Sanktioune geholl gi sinn. A meng Uspriechpartner déi ech hu bei den Instanze vun de Banken, oder bei den Interlocuteuren déi ech hunn, déi mir déi Äntwert kënne ginn, soe mir, datt am Moment zu Lëtzebuerg d'Sanktioune sech ganz a Grenzen halen.

Mä wéi gesot, et ass net hei eng Surenchère oder eng Moinsenchère fir ze kucken, wien déi mannste Sanktiounen huet. Hei geet et, ech soen et nach eng Kéier, dorëms fir déi eenzeg Alternativ déi een huet zu Krich, kënnen ze benotzen.

Mä fir Iech elo ze soen, wie Konten huet, wéivill et elo ass, kann ech Iech net soen. A wéi gesot, et gëtt jo awer och nach eppes vu Privatliewen, wou de Premier wierklech net wëll elo wësse wie wat wéi Konten huet.

Mä et si Gesellschaften, Dir wësst et jo, ech mengen, et ass kee Geheimnis, datt jo och Gesellschaften hei zu Lëtzebuerg waren, op jiddwer Fall, d'Echoen déi ech kréie sinn net, wéi wann elo d'ganz Bankeplaz géif zesummefale wéinst deenen do Sanktiounen.

**Michèle Sinner:** Hutt Dir da versicht ze etabléiere wat den Impakt ass?

**Xavier Bettel:** Den Impakt ass gerechent ginn, et ass jo och gekuckt ginn, wat déi eng Mesure oder déi aner fir dat eent oder dat anert Land vu Repercussiounen duerno kéint hunn. Dir hutt jo scho verschidde Länner déi de Fanger ausgestreckt hunn, déi gesot hunn, hei mir brauchen elo fir d'Äppel, oder mir brauche fir hei, oder mir brauche fir do, mir brauche fir déi Industrie esou an esou vill.

Jo, ech kann Iech just soe fir Lëtzebuerg, datt een ongeféier weess wat kéint dorënner falen. Mä d'Repercussioun, fir Iech ze soen, wéivill et elo ganz genee ass, weess ech net. Mä et weess ee wéi eng Produiten dorënner falen, well dat jo och eben an de Conclusioune steet.

**Paul Konsbruck:** Voilà, weider Froen? Bérengère Beffort.

**Bérengère Beffort:** Beim OLAI soll e Comité de pilotage agesat gi mam Yves Piron un der Spëtzt. Wat ass d'Missioun ganz genee, d'Agenda, a wéisou de Choix vum Yves Piron?

**Xavier Bettel:** De Comité de pilotage ass geduecht, den OLAI ass jo déi lescht Zäit net an de beschte Schlagzeile gewiescht, fir eben ze kucken zesummen do e kollegiaalt Gremium ze hunn; deen do och den OLAI reforméiert mat senge Stäerkten, mat senge Schwächten, mat de Leit déi en huet. An dat ass elo déi Zäit déi et brauch. Fir Iech elo ze soen, dat do geschitt elo an 2 oder an 3 Méint, wëll ech net maachen. Do muss d'Madame Cahen an deenen nächsten Deeg dann och kommuniquéiere fir ze soen, wéi si dat gesäit.

Den Här Piron, déi Kandidatur war ausgeschriwwe ginn, den Här Piron huet seng Kandidatur gestallt. Ech mengen, den Här Piron ass een dee bewisen huet, datt hien en Engagement huet. En huet och, ech mengen, ech wëll elo keng Associatiounen zitéieren, mä en huet bei enger Rëtsch vun Associatiounen och geschafft. An et ass déi Persoun déi op jiddwer Fall do vun deene Leit, déi do hu missten e Choix treffen, zeréckgehale ginn ass.

An ech wënschen him op jiddwer Fall bonne Chance, well d'Integratioun zu Lëtzebuerg ass méi wichteg wéi jee. Wann ech kucke wéi d'Integratioun leeft, mengen ech, datt nach villes kéint verbessert ginn. Ech stinn dozou. A wa mir eng Integratioun wëllen hunn déi erfollegräich ass, musse mir och den OLAI als seriöse Partner hu fir déi Politik kënnen ze maachen.

**Bérengère Beffort:** D'Madame Martin ass nach deem Grupp mat dran?

**Xavier Bettel:** Ech weess et net, ech weess just, datt dee Comité de pilotage elo gemaach ginn ass, wou den Här Piron do soll elo emol de Lead iwwerhuelen.

SIP/12.09.2014